
newsmag



N 266 | AVRIL 2022

Bulletin bilingue | Zweesprochege Buët



Eis Gemeng.

Notre Commune.

Awunner | Habitants | 11.160

Gesamtfläch | Superficie | 771 Ha

Personal | Personnel | 258

Fraen | Femmes | 150

Männer | Hommes | 108



Éditeur responsable

Administration communale de Schiffflange



Rédaction

Service des citoyens et de la communication



Images et Illustrations

Service des citoyens et de la communication | Tom Di Maggio



Layout, Conception

 MOSKITO



Impression

Imprimerie Heintz



Tirage

5.000 exemplaires

Index

Virwuert vum Buergermeeschter Le mot du bourgmestre	06
Retrospektiv Rétrospective	08
Internationale Fraendag	09
Signature «Pakt vum Zesummeliewen»	10
Op Besuch bei der Asbl "TELOS-Éducation"	14
Visite Modulbau op Huedelen Phase 2	16
Kuck a Klick	21
Remise chèque Médecins du Monde	22
E Kaffi fir d'Ukrain	24
Neiegkeeten Nouveautés	26
Esch2022	27
Wusst Dir schonn?	30
Ecrivain Public zu Schëffleng	32
Eis aktuell Chantieren	33
Save the date	36
Verschiddenes Divers	38
Konferenz Achtsamkeet	39
Appel aux dons ASH	40
Ville Fleurie	41
Commande de bois	42
Rubrik "Jugend"	43
Info	49
Gemengerotssëtzung Réunion du Conseil communal	55
Politik Politique	59







Paul Weimerskirch
Buergermeeschter | Bourgmestre

Léif Matbiergerinnen, Léif Matbierger,

LU — Wien hätt dat geduecht? 80 Joer nom Enn vum Zweete Weltkrich ass quasi virun der Hausdier vun der Europäescher Unioun e brutale Krich amgang. Fir vill vun eis ass et net ze verstoen, besonnesch fir déi, déi d'Welt als oppen a friddlech empfangen. Eng nei Situatioun, déi eis nokenklech mécht, déi eis Angscht mécht, well kee weess, wat eis nach erwaart.

D'Ukrain ass vu russeschen Truppen iwwerfall ginn. Einfach esou! Eng Tragedie op jidde Fall, wou mat Ausnam vun den Ukrainer, vill anerer eng Matschold droen. An dese Krich kennt um Enn nëmme Verlëierer.

Besonnesch d'Mënschen an der Ukrain sinn haart getraff. Dout a Misär erliewen déi, déi op der Plaz bliwwen sinn an hiert Land, hir Fräiheet verdeedegen. Schrecklech Biller vu Wunnquartieren, Schoulen, esouguer Kannerklinicken a Kulturhaiser, déi zerbommt ginn, verdäitliche déi onmënschlech Aktioun an d'Verbriechen un der Mënscheet.

Iwwer véier Milliounen Leit sinn op der Flucht ... a wéi dës Zeile geschriwwen gi sinn, geet de Krich an déi véierte Woch an d'Hoffnung no friddleche Solutiounen an oppene Verhandlungen waren net z'erkennen.

D'Eskalatiounsspiral dréint ëmmer nach weider. Allerdéngs, iergendwann muss de Krichsdreier Wladimir Putin viru sengem Vollek Rechenschaft ofleeë fir Dausende Gefalenen, oft jonk Mënschen, an engem vëlkerrechtswiddregen, grausamen a sënnele Krich!

D'Solidaritéit mat der Ukrain ass glécklecherweis grouss, d'Preoccupatioun och. Weltwäit ginn d'Leit op d'Strooss a protestéieren géint den Aggressioun vum russesche President oder setze soss Zeeche fir Fridden a Mënscherechter. Dës Eenegkeet, dëst Gefill vum Mateneen, ass wichteg an dese Krisenzäiten.

Et ass kloer: et gött hei Näischt ze relativéieren, ze verharmlosen oder ze minimiséieren. De Putin ass een diktatoreschen Aggresseur, dee gestoppt muss ginn.

De Krich huet eis brutal erwëscht, iergendwéi onerwaart an onvibreert. Et ass allerdéngs de Moment komm fir ze reagéieren, fir ze hëllefen, do wou mir kënnen. Merci allen, déi an de leeschten Deeg mat Spenden- a Solidaritéitsaktiounen wichteg Zeeche gesat hunn. Gefuerdert ass jidder Eenzelen. Gefuerdert ass Europa, Lëtzebuerg an och eis Gemeng.

A genee dat geschitt an den nächsten Deeg. An eiser neier Schoul kréien ukrainesche Kanner d'Chance op eng Scolarisatioun, mir wëllen zousätzleche Wunnraum schafen, fir ukrainesch Flüchtlingen, mir sammele Sue fir ze hëllefen, ... a munch Fräiwëllegen huet sech gemellt fir eng Hand matunzepaken. Jo Solidaritéit ass gefrot.

Et ass d'Aufgab vun der Gemeng aktiv a resolut ze hëllefen. D'Nout vun den Ukrainer ass eis Prioritéit, wuelwëssend, datt eis Gemeng och vill wichteg an

noutwenneg Aufgaben am Intressi an zum Wuel vun de Schëfflenger Leit ze meeschteren an z'erleedegen huet. Mir maachen dat eent a vergiessen dat anert net. Ech soe Merci fir all Zeeche vun Solidaritéit, Versteesdemech, Toleranz a vu Mateneen.

Am Numm vum Schäffen- a Gemengerot

Paul Weimerskirch,
Buergermeeschter

LU — Enn Mäerz hu mir am Kader vum internationalen Dag vum Bësch op der Fräiheetsplaz virun der Gemeng eis Parkanlag erneiert an e Bam gesat. Dëst ass och e Symbol fir Fridden, Fräiheet a Gerechtegkeet, fir d'Verdeedegung an d'Förderung vun Demokratie, fir Gläichheet, fir sozialen a kulturelle Fortschrëtt, fir den Zesammenhalt a fir e Mateneen hei an eiser Gemeng, an eisem Land, an Europa ... an der ganzer Welt!

FR — Dans le cadre de la Journée internationale des forêts en mi-mars, nous avons renouvelé notre parc sur la Place de la Liberté devant l'Hôtel de Ville et planté un arbre. C'est un symbole de symbole de paix, de liberté et de justice, pour la défense et la promotion de la démocratie, pour l'égalité, pour le progrès social et culturel, pour la cohésion et pour l'unité ici dans notre commune, dans notre pays, en Europe... et dans le monde entier!





Retro- spektiv

Eis Retrospektiv wërft ëmmer e Bléck op dat, wat an der leschter Zäit an der Gemeng gelaf ass.

Ëmmer méi Aktivitéite kënnen nees ofgehale ginn – säit neitstem och ouni CovidCheck. Zu Schëffleng stoung den internationale Fraendag, d'Signature vum „Pakt vum Zesummeliewen“ an natierlech och d'Spendenaktiounen ronderëm d'Ukrainkris am Fokus.



Internationale Fraendag

LU _ Den 8. Mäerz gëtt den Internationale Fraendag begangen.

Op der ganzer Welt gëtt op d'Onglächheeten tëschent Mann a Fra opmierksam gemaach. Och d'Literatur setzt sech mat dësem wichtege Thema auserneen an dofir hat d'Gemeng zesumme mat der Chancëgläichheitskommissioun op eng Liesung mam Titel „Gedichte und Kurzprosa“ an d'Schëfflenger Konschthaus invitéiert.

D'Erzielerinne waren d'Elise Schmit an d'Ulrike Bail.

D'Elise Schmit schreift Theatertexter a Gedichter a lëtzebuergescher, däitscher an englescher Sprooch. Si ass 2019 mam „Prix Servais“ ausgezeechent ginn.

D'Ulrike Bail wunnt zanter 2006 hei zu Lëtzebuerg an ass Schrëftstellerin. 2020 krut si den éischte Präis beim „Concours littéraire national“ a war Autorin vum Joer vun der „Autorinnenvereinigung e.V.“. 2021 huet och si de renommierte „Prix Servais“ iwwerrecht krit.

De Buergermeeschter Paul Weimerskirch huet d'Begrëisung gemaach an huet anschlëssend deenen zwou Dammen d'Wuert iwwerlooss. No enger Diskussiounsrönn huet d'Madamm Nadine Bertrang an hirer Qualitéit als Presidentin vum „Conseil National des Femmes“ drop opmierksam gemaach, dass et am Joer 2022 a verschidde Beräicher deels nach ëmmer grouss Ënnerscheeder ginn an dass nach weider Efforte musse gemaach gi fir mat dësen Onglächheeten opzeraumen.



Signature «Pakt vum Zesummeliewen»



FR — En date du 7 mars 2022, le Collège des bourgmestre et échevins a eu le grand plaisir de signer le «**Pakt vum Zesummeliewen**» avec Madame Corinne Cahen, Ministre de la Famille, de l'Intégration et à la Grande Région, ainsi qu'avec Monsieur Emile Eicher, président du Syvicol. La Commune de Schifflange est la première commune du Sud ayant signé ce pacte.

Par le «Pakt vum Zesummeliewen» la Commune, le MIFA et le SYVICOL s'engagent en étroite collaboration, en vue d'un processus pluriannuel et dynamique qui met l'accent sur la communication, l'accès à l'information et la participation de toutes les personnes résidant ou travaillant sur le territoire de la commune. **Le but est d'assurer un vivre-ensemble harmonieux de tous.**





Aujourd'hui plus que jamais, il est primordial de promouvoir une bonne entente sociale entre tous les acteurs et citoyens, comme le soulignent les orateurs Weimerskirch, Eicher et Cahen, tous émus devant le sort des nombreux Ukrainiens en détresse.



Schëffleng ënnerschreift als éischt Südgemeng de „Pakt vum Zesummeliewen“



LU — De 7. Mäerz 2022 huet d’Gemeng Schëffleng de „Pakt vum Zesummeliewen“ ënnerschriwwen. De Pilotprojet ass vum Ministère fir Famill, Integratioun an d’Groussregioun, zesumme mat senger Partner dem SYVICOL, der ASTI an dem CEFIS ausgeschafft ginn. De Gemeng steet och en Team vum zoustännege Ministère, der ASTI an dem CEFIS, esou wéi 3 Integratiounsberoder fir d’Ëmsetzung vum Pakt vum Zesummeliewen zur Säit.

De Buergermeeschter, Paul Weimerskirch, huet ënnerstrach, dass de Pakt vum Zesummeliewe keen Neiufank fir d’Schëfflenger Gemeng ass, mee en Engagement fir nach méi eng dynamesch Integratiounsaarbecht an Zukunft „**mam Zil wou alles ënnerholl gëtt fir en harmonescht a conviviaalt Zesummeliewen, e Vivre-Ensemble, z’assurieren**“.





De President vum SYVICOL, Emile Eicher, huet a senger Ried d'Wichtigkeet vum Zesummeliewe bei der Integratiounsaarbecht ervirgehuewen. "D'Gemeng ass déi Plaz, wou een am Ufank am meeschte Kontakt huet. D'Leit mussen hei richteg informéiert ginn an direkt an d'Gemeinschaft mat erageholl ginn. Den éischten Androck ass ganz wichtig well den hält een d'ganz Liewe mat virun" – sou den Här Eicher.

D'Ministesch fir Famill an Integratioun huet dorunner erënnert, datt „Solidaritéit, Mënschlechkeet an d'Zesummeliewe Valeure sinn, déi eis allegueren auszeechnen an dat soll een och ëmmer nees haart an däitlech soen“. Si huet ënnerstrach, datt et wichtig ass och eng dynamesch Gemeng wéi Schëffleng, mat an de Reseau vum Pakt vum Zesummeliewen opzehuelen, fir verschidden Elementer ze verbesseren an awer virun allem als gutt Beispill fir aner Gemengen ze déngen.

Op Besuch bei der Asbl “TELOS-Éducation”

LU — Ënnerstëtzung fir de Centre Socio-Thérapeutique X-Track

Freides, de 4. Mäerz 2022 krut de Buergermeeschter Paul Weimerskirch offiziell e Bild vun de Kanner aus dem Centre Socio-Thérapeutique X-Track iwwerreicht. Am Kader vun enger Ausstellung hat d'Gemeng dëst Bild beim Centre an Optrag ginn. Bei dëser Geleeënheet huet de Buergermeeschter de Verantwortleche vum Centre felicitéiert fir hir gutt a wichteg Uarbecht ganz am Sënn vun de Kanner. Den Här Thill, deem säin Elterehaus et fréier wuar, huet gezielt, wéi hie mat senger Famill deemools do gewunnt huet, an dass seng Eltere sécherlech ganz frou iwwert dës Funktioun wieren, déi hiert grousst Haus elo huet. Den Direkter vun Telos Education, Yves Fiorelli, sot der Gemeng ee grousse Merci fir d'Vertrauen an déi gutt Zesummenuarbecht, déi si elo zanter puer Joer schonn hunn. Weider Projete sinn an der Planung.

Bei dëser Geleeënheet konnten d'Membere vum Gemeengerot sech och ee Bild maache vun de Raimlechkeete vum Centre, dee sech aktuell an der Niddeschgaass befënnt.

D'Konschtwierk ass eng Realisatioun vun den 9 Kanner, déi am Moment am Centre betreit ginn.





Presentatioun vum Modulbau op Hudelen – Phase 2



LU — Am Kader vum Projet “Bildungslandschaft Schëffleng” huet de Schäfferot e Freideg, de 4. Mäerz 2022 déi **fäerdeg Modulbau-Struktur op Hudelen** de Membere vum Gemengerot, dem Schoulservice, der Schoulkommissioun, der Maison Relais, der Eltereverriedung, de Schoulpresidenten, dem Schouldirekter an der Press **virgestallt**.

D'Phase 1 vum Modulbau, déi scho säit enger Zäitche vu 90 Kanner aus der Maison Relais genotzt gëtt, gouf am Dezember 2020 opgeriicht a virgestallt. Dëst ass als Iwwergangsléisung geduecht fir Plaz ze schafen bis datt d'Bildungshaus op Hudelen (geplangt fir September 2024) fäerdeg ass. **Deen zweete Module gouf elo direkt un d'Struktur ugebaut** a soll ab der Rentrée 2022 vun 10 Klassen (Cycle 1 a 4) aus der Lydie Schmit Schoul genotzt ginn. Sou kënnen d'Aarbechte ronderëm den Ëmbau vun der LS-Schoul ufänken. Déi aner 12 Klassen (Cycle 2 an 3) wäerten déi Zäit an der Albert Wingert Schoul ënnerkommen.



No e puer Wieder vum Här Buergermeeschter zum ambitiösen Dossier an enger emotionaler Reflexioun iwwert d'ukrainesch Krichsaffer, huet MC Luxembourg op en **Tour duerch déi zwee Modulen** invitéiert.

No den techneschen Erklärungen stoung dee méi festlechen Deel um Programm. De Schäfferot huet schwéier geschëppt fir e **Birebam um Site an de Buedem ze setzen** an d'Kanner aus der Maison Relais hunn **hir Hännofdréck op faarweg Aart a Weis op der Fassad veréiwegt**. Elo ass dëse provisoresche Bau fir déi nächst Joeren nach e gutt Stéck méi schéin a symbloesch gepräagt.













Kuck a Klick

Kuck a Klick – Sécherheetsdeeg

LU — Et ass déi 5. Kéier wou d'Schëfflenger Gemeng zesumme mam Centre de Formation pour conducteurs de **Kuck a Klick** organiséiert.

D'Schoulkanner aus dem Cycle 2.1 hu gutt opgepasst wéi d'Madamm Dammé an den Här Meder hinnen d'Welt vum Stroosseverkéier, duerch flott Aktivitéiten a Spiller, méi no bruecht hunn. Insgesamt wäerte wärend deenen 3 Deeg ufanks Februar 8 Klassen an 112 Kanner aus 3 verschidde Schoulen (Nelly Stein, Lydie Schmit an Albert Wingert) um Event deelhuefen.

Zil ass et fir d'Kanner op d'Gefore vum Stroosseverkéier opmierksam ze maachen an dëst net nëmmen aus der Sicht vum Foussgänger, mee och als Bäifuerer am Auto.

De 7. Februar 2022 huet de Schäfferot zesumme mat de Memberen aus dem Gemengerot de ville Leit, déi un dësem Projet bedeelegt waren, Merci gesot a sech e Bild vun dem flotte Parcours gemaach, deen opgestallt ginn ass fir Situatiounen am Verkéier nozestellen.



Remise de chèque à Médecins du Monde



LU — De 7. Februar 2022 huet de Schäfferot zesumme mat Memberen aus dem Gemengerot en décke Scheck un d'Asbl "Médecins du Monde" iwwerrecht. Dëse Geste kënnst vu ganzem Häerz a soll am beschte Fall en Ustouss fir aner Gemenge sinn, sech och solidaresch mat deene vulnerabelste Leit aus eiser Gesellschaft ze weisen – sou de Buergermeeschter Paul Weimerskirch an enger emotionaler Ried.

D'Asbl mécht eng immens wichteg Aarbecht um Terrain. Si hëlleft zu Lëtzebuerg an am Ausland schutzbedürftege Mënschen andeems se medezinesch Versuergung garantéiert an den Accès an d'Recht op Gesondheet fuerdert.

Och am Joer 2022 ass hei zu Lëtzebuerg nach ëmmer net all Persoun sozialversécheret. Grad dofir sinn déi 6.000 Euro esou wichteg fir den Dokter Bernard Thill, deen d'Spend als President vun der Associatioun MdM Lëtzebuerg entgéint geholl huet. Säi Versprechen ass kloer: et wäert weiderhin dru geschafft ginn fir all Persoun a Précaritéit individuell a wüerdig ze behandelen.



E Kaffi fir d'Ukrain

LU — Aktioun "E Kaffi fir d'Ukrain"

D'Schëfflenger Gemengepersonal huet sech och solidarisch mat den Ukrainer an Nout gewisen.

Vum 8. bis de 16. Mäerz goufen an engem Chalet op der Fräiheitsplaz virum Gemengegebai Kaffi, Kuch, Orangejus, Waasser, Glühwäin a Schampes verkaf vu moies 8:00 bis owes 18:00 Auer. Weekends huet d'Prominenz vu Schëffleng och an der Mëttegstonn gegrillt.

Zweck vun der Saach war d'Sensibiliséiere fir déi dramatesch Situatioun. An näischt maachen ass einfach keng Optioun! Am Ganze si ronn 8.000 Euro zesumme komm. Den Erléis vun der Vente geet integral un d'**Asbl Schëffleng Hëlleft** - eis Sammelstell vun Donen fir d'Affer vum Krich.

D'Personal seet jidderengem Merci fir seng Spend! Nëmmen zesumme si mir richteg solidaresch!

Wann Dir dës Aktioun verpasst hutt, da gitt op d'Säit 42 kucken. Hei fannt Dir den offizielle Spendenopruff vun der Asbl.

FR — Action «Café pour l'Ukraine»

Le personnel communal de Schiffange a fait preuve de solidarité avec les Ukrainiens en détresse.

Café, gâteau, jus d'orange, eau, vin chaud, crémant, ... tout cela a été vendu dans un chalet sur la Place de la Liberté du 8 au 16 mars de 8h00 à 18h00. Pendant le weekend, des célébrités de Schiffange ont même proposé de la grillade à midi.

Le but de cette action était de sensibiliser à la situation dramatique. Il vaut mieux faire quelque chose que d'être inactif! Au total, environ 8.000 euros ont été recueillis. Les recettes de la vente iront entièrement à l'**asbl «Schëffleng Hëlleft»** - notre point de collecte de dons pour les victimes de la guerre.

Le personnel remercie tout le monde pour son engagement! Ensemble, nous vivons la solidarité!

Si vous n'avez pas eu l'occasion de nous rendre visite en mars, nous vous donnons rendez-vous à la page 42 pour retrouver l'appel aux dons de l'Asbl.








Neieg- keeten

Am Kapitel „Neiegkeeten“ kënnt Dir ë.a. noliesen, wat et Neies op eise Chantiere gëtt. Am Dossier „Bildungslandschaft“ geet et rapid virun.

Säit dem 26. Februar ass d’Kulturhauptstad Esch2022 offiziell lancéiert. Och Schëffleng ass dobäi! Méi zu de Projeten an deem Kader gitt dir hei gewuer.



Esch2022:

près de chez vous avec un projet plus qu'actuel



FR — La Commune de Schifflange, consciente, responsable et engagée dans le domaine de la durabilité, est fière d'accueillir comme premier projet « 1001 Tonnes ». Ce projet, réalisé par la photographe Jessica Theis dans le cadre de la Capitale européenne de la culture, traite la problématique du « littering ».


La photographe luxembourgeoise Jessica Theis publie un livre et lance l'exposition « 1001 TONNES », deux événements qui font partie de Esch2022 Capitale européenne de la Culture.

En date du 26 mars 2022, cette exposition « outdoor » a été inaugurée sur la Place de la Liberté suite à notre traditionnelle action de nettoyage « Fréijoersbotz ». Par ailleurs d'autres parties de cette exposition sont dispersées dans toute la commune.

Pourquoi cette exposition ?

Un fouillis sublime consistant des 1,6 kilos de déchets sauvages que – en moyenne – chaque résident du Luxembourg jette dans la nature.

« Non je ne vous raconte pas une histoire, et sûrement pas un conte de fée, ce n'est pas non plus un titre pour rêver mais c'est la pure et simple réalité » dit-elle.



Selon la statistique, on a 1,6 kilos de déchets sauvages par habitant par année au Luxembourg. Si on multiplie ceci par 626.000 habitants, on obtient un total de 1001 tonnes de déchets sauvages par année, soit 103 kilos de déchets sauvages par km le long des routes de campagnes et 216 kilos de déchets sauvages par km le long des autoroutes. Tout ceci coûte au Grand-Duché 1,2 millions d'euros par année.

Jessica Theis a photographié tous les déchets sauvages que les gens laissent derrière eux : des baignoires, dont on se débarrasse au fond des forêts, en passant par les saletés que les gens abandonnent dans la nature après leur barbecue, jusqu'aux mégots et aux cannettes balancés par les fenêtres de leurs voitures. En prenant ces photos, elle a essayé de comprendre pourquoi les gens se comportent de la sorte et pourquoi ils ont si peu de respect pour leur environnement.

Elle avait plusieurs possibilités d'illustrer ce problème et elle a décidé d'utiliser une caméra analogique moyen format, une caméra qui lui permet de se concentrer sur le paysage, dans ce cas un paysage souillé. « Je n'ai pas cherché des images purement esthétiques » dit-elle, « mais des images qui expriment un message ». De plus en plus frustrée par tous ces déchets découverts dans la nature, elle a décidé de se pencher davantage sur la problématique. Ont suivi de nombreuses réunions avec des professionnels de la thématique et des recherches de statistiques, sur la psychologie et la réalité quotidienne autour de la pollution environnementale ainsi que sur la façon de la combattre. Tout cela a renforcé sa conviction de vouloir documenter l'histoire de nos déchets sauvages.

Le projet veut contribuer à la sensibilisation autour de la pollution de l'environnement, avec notamment la création d'un livre et d'une exposition. Mais sont aussi prévus des expositions en plein air, une campagne de sensibilisation le long des autoroutes, un « take action day », ainsi qu'une exposition itinérante avec des ateliers pour les écoliers du pays entier.

Esch2022



« Toute personne a le droit à la culture »

FR — Le 9 juillet 2018, la Commune de Schifflange avait signé sa première Charte « Design4All ». Son objectif est de créer une commune pour tous ses citoyens et ne vise pas seulement à faciliter la vie aux personnes à mobilité réduite. Dans cette même optique la commune s'engage à améliorer également l'**accessibilité** aux événements qu'elle organise. Les échanges avec la chargée de l'accessibilité auprès d'Esch2022, Lena Batal, se sont avérés comme très intéressants.

Dans ce contexte nous vous présentons une interview avec Lena sur ce sujet qui nous concerne tous.

Entretien (raccourci) avec Lena Batal,
Chargée de l'accessibilité à la culture à Esch2022



Lena Batal, Chargée de l'accessibilité à la Culture à Esch2022
©Marion Dessard

Comment décrirais-tu ta fonction à Esch2022 ?

Je m'occupe de l'accessibilité à la culture : cela consiste à réfléchir et à agir pour faire participer les différents publics à la culture et faciliter leur accès aux événements et aux lieux, en particulier ceux qui en sont éloignés.

Comment définirais-tu l'accessibilité ?

L'accessibilité implique l'inclusion par la culture, afin que celle-ci ne soit pas réservée à une minorité, à une élite, mais que chacun puisse se l'approprier et participer. Cette dimension participative est particulièrement importante. L'accessibilité est avant tout un droit qui figure à l'article 27 de la Déclaration Universelle des Droits de l'Homme : « Toute personne a le droit de prendre part librement à la vie culturelle de la communauté, de jouir des arts et de participer aux progrès scientifiques et aux bienfaits qui en résultent. »





L'accessibilité concerne particulièrement tout public qui en est éloigné, et vise à réduire les freins qui empêchent l'accès des personnes à la culture (pour des raisons économiques, sociales, mais aussi physiques ou psychologiques). Il s'agit également de prendre en compte les réalités des publics à besoins spécifiques et d'améliorer l'accès des lieux et des contenus.

Au-delà, améliorer l'accessibilité d'un lieu culturel c'est aussi répondre aux besoins de tous: touristes étrangers, primo-arrivants, enfants, personnes âgées ...

Quelles actions et mesures concrètes souhaites-tu développer dans ce cadre ?

Avant tout, pour bien aborder l'accessibilité, il s'agit de ne rien décider sans le public concerné. C'est pourquoi il est pour moi essentiel d'échanger et de travailler en collaboration avec les acteurs locaux du milieu culturel et social et de trouver ensemble des solutions, des outils pour développer une culture qui soit inclusive et collaborative.

Cela consiste aussi à développer une communication accessible et compréhensible pour tous, notamment les publics ayant des besoins spécifiques ou des publics qui ne maîtrisent peut-être pas encore notre langue, tels les primo-arrivants. Actuellement, nous travaillons avec le service KLARO de l'APEMH pour communiquer en langue simple.

Parallèlement, je travaille beaucoup avec le département des publics d'Esch2022 pour développer des outils de médiation adaptés telles que des visites guidées pour les personnes âgées, pour les personnes à besoins spécifiques; et développer des workshops avec les associations pour que tous les publics puissent activement participer.

Esch2022 collabore également activement avec Cultur'all, l'a.s.b.l qui gère le Kulturpass qui permet aux personnes avec un revenu modeste de pouvoir accéder à la culture gratuitement ou au tarif de 1,50 euros par événement. Avec Cultur'all, nous essayons de développer le Kulturpass dans la région d'Esch2022 et d'informer et de sensibiliser les acteurs culturels et sociaux aux questions d'accessibilité à la culture.

Comment développer l'activité sur le terrain ?

L'objectif est d'ouvrir les portes de la culture à tous et d'en assurer l'égalité d'accès. Chacun doit avoir accès aux événements culturels et pouvoir se déplacer de façon autonome, sans forcément avoir besoin d'être accompagné. Il y a également tout un travail de sensibilisation effectué auprès des partenaires de projets sur ces enjeux afin de les aider à développer cet aspect-là pour leur projet. J'encourage ainsi les collaborations entre les associations spécialisées et les partenaires de projets. Bien que certains projets d'Esch2022 soient spécifiquement centrés autour des notions d'accessibilité, l'idée est aussi de rendre l'ensemble des projets accessibles à tous.





Wousst Dir schonn?

LU _

Wousst Dir schonn ...

... datt jidderee bei eis wëllkomm ass? Zu Schëffleng wunnen am Ganzen **11.144 Leit**. Dës Zuel ass datéiert op den Dag vum 7. Mäerz 2022 – den Dag op deem mir de „Pakt vum Zesummeliewen“ ënnerschriwwen hunn (cf. Säit 12). D'Bevëlkerung ass opgedeelt op genee 60% Lëtzebuerger a 40% Auslänner. Ënnert deenen 105 verschiddenen Nationalitéite sinn am meeschte vertrueden: Persounen aus Portugal, Frankräich, Italien, Montenegro, China, Cap-Vert, Belscht an Däitschland.

D'Gemeng Schëffleng setzt sech ëmmer rëm fir en harmonescht Zesummeliewe vun all de Bierger an – zumools an dësen Zäiten!


FR _

Le saviez-vous ...

...que tout le monde est bienvenu chez nous? La population de Schifflange s'élève à **11.144 personnes**. Ce chiffre date du 7 mars 2022 – le jour où la Commune de Schifflange avait signé le « Pakt vum Zesummeliewen » (cf. page 12). Les résidents sont répartis sur un taux de 60% de luxembourgeois et 40% d'étrangers. Sur un total de 105 nationalités, les pays les plus représentés à part le Luxembourg sont: le Portugal, la France, l'Italie, le Monténégro, la Chine, le Cap Vert, la Belgique et l'Allemagne.

Un des buts principaux de notre commune est d'améliorer le vivre-ensemble pour tous ses citoyens – surtout pendant ce temps incertain.

Proportion étrangers par rapport aux Luxembourgeois



Ecrivain Public zu Schëffleng

L'écrivain public est arrivé à Schifflange, enfin!

FR — L'écrivain public est encore recherché à l'âge de l'internet pour taper et/ou mettre en forme des curriculums vitae, des éloges funèbres et même des lettres d'amour pour ceux qui en ont besoin.

Ce «Cyrano de Bergerac» moderne va rendre beaucoup de services. **Il rédige des cv, peaufine les demandes d'emplois, va aider à remplir des documents officiels et administratifs.**

Même à l'ère de l'internet, il s'avère qu'il y a une grande demande pour l'écrivain public, une vocation qui remonte à des siècles passés, à des époques où la plupart des gens avaient besoin d'un professionnel pour écrire pour eux.

La «profession» connaît une sorte de renaissance surtout en raison de la prise de pouvoir du numérique, qui complique d'avantage la navigation dans la bureaucratie luxembourgeoise.

Un service au citoyen

S'inscrivant en droite ligne dans la charte du «Pakt vum Zesummeliewen» (signé en mars), **la Commune de Schifflange va offrir ce service gratuitement à partir du mois d'avril.** Deux bénévoles ont été engagés pour assurer cette tâche et vous aider.

Vous savez ce que vous voulez dire mais vous craignez de commettre des fautes de grammaire, de ne pas être à la hauteur pour les bonnes tournures ou les mots adéquats?

L'écrivain public vous rencontre avec empathie, il va vous encourager de venir avec une ébauche de votre lettre de motivation ou avec votre document à remplir. De cette façon, il pourra

aider les citoyens qui hésitent, ceux qui ont des problèmes de langue mais également ceux qui ne maîtrisent pas l'outil informatique ou les gens de petits moyens qui ne peuvent pas se payer un ordinateur, une imprimante et/ou un abonnement internet.

Par son intervention, l'écrivain public contribuera à la cohésion sociale de la population de la Commune et en apprenant le succès rencontré par un demandeur qu'il aura aidé, il sera encouragé à poursuivre son travail.

INFO

Nous vous informons bientôt sur les modalités et la prise de rendez-vous!



Eis aktuell Chantiers



FR — • Bildungshaus op Hudelen:

L'élaboration du dossier PAP se poursuit. Après avoir finalisé le concept de circulation, celui des aménagements extérieurs est en cours d'élaboration. Il s'agit en particulier de prévoir des surfaces suffisantes pour les aires de jeux, l'accès aux personnes à mobilité réduite malgré le dénivelé important du terrain, tout en préservant au mieux les zones vertes déjà existantes.



AW Fußballfeld / terrain de foot



Albert Wingert Rohbau / Gros-oeuvre

• Extension Albert Wingert:

- Nouvelle construction / Extension:
Après la finalisation des pieux en béton, la suite des travaux de gros-œuvre se déroule selon le planning prévu, ces derniers devant se terminer mi-avril. Les réunions de concertation avec les services techniques de la commune et les futurs utilisateurs concernant les équipements du nouveau bâtiment se poursuivent également, une réunion «marathon» d'échantillonnage et de choix des matériaux ayant eu lieu fin mars.

- Terrain de foot:

Le nouveau terrain de foot entouré de sa haute clôture est terminé. Les travaux de marquage sont encore frais. L'inauguration officielle et sa mise en service tant souhaitée par les enfants ont été célébrées le 29 mars ... le printemps peut arriver!

• Structure modulaire op Hudelen Phase 2:

L'inauguration officielle a eu lieu le vendredi 04 mars, par un temps radieux, en présence de M. le Bourgmestre, du Collège échevinal et de nombreux invités. Plus d'infos sur la page 16 de ce Newsmag.

• Etude de faisabilité Nelly Stein:

Après la visite des lieux du mois de janvier, les spécialistes de l'équipe pluridisciplinaire ont partagé leurs premières pistes de réflexion quant au potentiel d'amélioration voire d'extension de l'école existante. Le volet pédagogique ayant une grande importance dans la présente démarche, il sera également approfondi dans les prochaines semaines.



AW Konzeptplanung / planification conceptuelle - Möblierung / meubles



AW Flur / Couloir
C1-Klassen

DE — • Bildungshaus op Hudelen:

Die Ausarbeitung des PAP-Dossiers wird fortgesetzt. Nachdem das Verkehrskonzept fertiggestellt wurde, wird nun am Konzept der Außenanlagen gearbeitet. Dabei geht es insbesondere darum, ausreichende Flächen für Spielplätze vorzusehen, den Zugang für Personen mit eingeschränkter Mobilität trotz des großen Höhenunterschieds des Geländes zu gewährleisten und gleichzeitig die bereits bestehenden Grünflächen so gut wie möglich zu erhalten.

• Erweiterung Albert Wingert:

- Neubau/Erweiterung:

Nach der Fertigstellung der Betonpfähle verlaufen die weiteren Rohbauarbeiten wie geplant, wobei diese Mitte April abgeschlossen sein sollen. Die Abstimmungsgespräche mit den technischen Abteilungen der Gemeinde und den zukünftigen Nutzern bezüglich der Ausstattung des neuen Gebäudes werden ebenfalls fortgesetzt. Vor Kurzem wurden in einer „Marathonsitzung“ die Materialien bemustert und ausgewählt.

- Fußballfeld:

Das neue Fußballfeld ist nun von einem hohen Zaun umgeben. Lediglich die Markierungsarbeiten müssen noch ausgeführt werden, was aber bald geschehen wird. Seiner baldigen offiziellen Einweihung und der von den Kindern lang ersehnte Inbetriebnahme steht also nichts mehr im Wege... der Frühling kann kommen!

• Modulbau op Hudelen Phase 2:

Die offizielle Einweihung fand am Freitag, den 04. März, bei strahlendem Wetter in Anwesenheit des Herrn Bürgermeisters, des Schöffensrates und zahlreicher Gäste statt. Mehr Infos auf Seite 16.

AW Oberboden / revêtement sol



• Machbarkeitsstudie Nelly Stein:

Nach der Ortsbesichtigung im Januar teilten die Spezialisten des multidisziplinären Teams ihre ersten Überlegungen zum Verbesserungs- oder sogar Erweiterungspotenzial der bestehenden Schule mit. Da die pädagogische Komponente in diesem Prozess eine große Bedeutung hat, wird sie in den nächsten Wochen ebenfalls vertieft.



AW Fußballfeld / terrain de foot



AW Rohbau / Gros-oeuvre



AW Konzeptplanung Bibliothek / planification conceptuelle bibliothèque

Wou gëtt dann nach grad dru geschafft?

Neit Parkhaus am Zentrum

- D'Ausschreiwunge sinn ufanks Februar rausgaang
- Preparativë vum Chantier ginn am Juni lass, de grouse Chantier wahrscheinlech eréicht nom Congé collectif

Office Social

- D'Asbestsanéierung huet Enn Mäerz ugefaangen
- Den eigentleche Chantier mat der Demolitioun vum Haaptgebai fällt an den Abrëll
- Déi viischt Façade bleibt erhalen,
- Enn vum Chantier ass am Fréijoer 2024

Neie Vëloswee

- An der Liberatiounsstrooss gëtt grad e Vëloswee amenagéiert
- Vu Juni 2022 u kann een hei tëscht Schëffleng an Esch drop lass rullen

Gemengeplaz

- Den neien Accès vum Gemengenhais ass drop an drun fir fäerdeg ze ginn
- Mir waarden nach op de Vëlosënnerstand
- Op der Plaz op där d'Monument ëmmer stoung kann ee sech geschwënn am Urban Piano Spillen üben

Ellerstrooss / Rue des Aulnes

- Hei stinn un: Kanalaarbechten, Réseau sec, Ersetze vu Waasserleitungen
- De Chantier gëtt an 3 Phasen opgedeelt a soll an engem gudde Joer ofgeschloss sinn

Haus A Kassen

- D'Asbestsanéierung soll bis Enn Mäerz ofgeschloss sinn
- D'Ausschreiwunge ginn am Mäerz eraus

Haus Entenich

- D'Reprise en Sous-oeuvre ass ofgeschloss
- Mëtt Mäerz sinn d'Terrassementsaarbechten ugaangen, déi elo ufanks Abrëll fäerdeg misste ginn
- Duerno geet de Gros-Oeuvre un (Keller, Träpen a Liftschacht)
- Am September geet den Holzbau lass

Kierfecht a Kierfechtwee

- Ab Abrëll kann een nees op neien a proppere Weeër bis op de Kierfecht kommen
- An der Montée du Cimetière gëtt den Trottoire an d'Strooss frësch gemaach. Bis Juli ginn nieft neie Réseauen och Kanalaarbechten ënnerholl



To be continued...



Save the Date

Hei fannt Dir den aktuellen Agenda an alles, wat deemnächst um Programm steet. Esch2022 gëtt dëst Joer natierlech grouss geschriwwen. Mee och am Schëfflenger Konschthaus an op aner Plazen ass eng lass.

Fir den aktuellen Agenda iwwert alles wat an der Südregioun leeft verweise mir lech op visitminett.lu.



01.04.2022

Réunion du Conseil communal

| Suivez le livestream sur schifflange.lu

02.04.2022

Light it up Blue

| Weltautismdag

02.04.-07.05.202

Schëfflenger Konschthaus

Exposition „Two B's together“ de Robert Brandy & Kevin B.



11.04.2022

Grouse Moart

| Place de la Liberté

22.04.2022 | 19h30

Concert „Wiener Heurigen Spektakel“

Salle Grand-Duc Jean



02.05.2022 18h30

Virtrag „Gesond an nohalteg Ernährung“

| Club Haus beim Kiosk

03.05.2022 | 17h00

Distributioun SICONA-Stauden : Aktioun Päiperlek

Hall Polyvalent (rue Denis Netgen)



07.05.2022

Faires Frühstück

| Place de la Liberté

09.05.2022

Grouse Moart

| Place de la Liberté

12.05.2022 | 15h00

Konferenz „Achtsamkeit“

| Club Haus beim Kiosk

14.05.2022 | 08h00 – 11h00

SICONA: Nature for People “Vullestëmmen – Wat séngt dann do?”

| Lalléngerbiereg

14.05.-18.06.2022

Schëfflenger Konschthaus

Exposition des oeuvres des artistes Anne Lindner & Christian Neuman

20.05.2022

Nopeschfest / Fête des voisins

| Schifflange

11.06.2022 | 09h00 – 13h00

Plooschter Projet Schëffleng

| Hall Polyvalent

11.06.2022 | 09h00

Ëmweltkommissioun: Een Dag an der Natur

| Kraidergaart/Brill

19.06.2022

Concert Philippe Schartz

| Salle Grand-Duc Jean (Hôtel de Ville)

Liesen deet gutt!



De Bicherbus kënt 2022 folgend Deeg op Schëffleng op d'Fräiheitsplaz (virun d'Gemengenhäus):

01. an 29. Abrëll, 20. Mee, 17. Juni, 08. an 29. Juli
ëmmer vun 11.10 Auer bis 11.50 Auer


Hei fannt Dir Bicher op Lëtzebuergesch, Däitsch, Franséisch an Englesch.
D'Bicher ausléinen ass gratis!



Verschid- denes

Hei fannt Dir interessant a wichteg Infoen zu deene verschiddensten Themen. De Fréijoer steet virun der Dier a bréngt e puer Matdeelunge mat sech. Als Klimapakt-Gemeng hu mir eng gewësse Responsabilitéit fir eis Bierger iwwert ëmweltfrëndlech Léisungen am Alldag z'informéieren. Och de Rapport vun der Gemengerotssëtzung kënnt Dir hei noliesen.

An och d'Jugend kritt an dësem Kapitel hiert Wuert.



Firwat Achtsamkeet sou wichtig am Alter ass?

Achtsamkeet: Wellness fir Kierper a Gehier

LU — Konferenz am Club Haus beim Kiosk mat der Mme Marie-Paule Theisen

Docteur en psychologie
Master en gérontologie
Institutrice
Enseignante vacataire à l'Université du Luxembourg
D.U. médecine, méditation, neurosciences
MBSR-teacher certifiée

Achtsamkeet ass eng ënner Haltung an erméiglecht et **jidder Abléck bewusst ze erliewen, ouni en ze wäerten.**

Kombinéiert mat kuerze Momenter vu Stëll (Rou) am Dag - en Typ vu Meditatioun, déi sech op d'Prinzipie vun der Achtsamkeet baséiert, gëtt et méiglech mat Hëllef vum bewossten Asaz vum Otem:

1. d'Empfindunge vu sengem Kierper (Drock, Beréierung, Vibratioun, Schmärerz, Temperatur...) ze spieren, z'erliewen,
2. déi mënschlech fënnef Sënnesorganer (d'Haut, An, Ouer, Mond, Nues), duerch déi Reizer un eist Gehier weidergeleet ginn, z'erliewen
3. déi eege Gefiller an d'Gefiller vun anere bewusst z'erkennen an ze benennen (Trauregkeet, Freed, Rose-rei, Angscht asw.)
4. seng Gedanke bei Stress (z.B. "dat packen ech ni") duerch ermudegent Gedanken z'ersetzen,

fir no an no Stressfräiheet (Harmonie) tëscht Kierper a Geescht ze schafen.

Duerch reegelméisseg Praxis vun der achtsamkeetsbaséierter Meditatioun, konnt d'Neurowëssenschaft duerch bildgebend Verfahren (fMRT) a verschidde Regiounen vum Gehier positiv Verännerunge feststellen, déi ufälleg fir Stress sinn.

Duerch d'Achtsamkeetsmeditatioun entsti stressdämpfend a resilienzverstärkend Effekter wéi Akzeptanz, Emotionsregulatioun, Selbstreflexioun, Selbstbewosstsinn, Freed, gutt Bezéiungen, Optimismus, Matgefill, Geloossenheet...

Am Alter klëmmt de Risiko vun erhéichter Stressempfindlechkeet a chronesche Stress acceleréiert den Alterungsprozess. Bis haut gëtt et keng magesch Pëll géint de Stress.

Méi rezent neurobiologesch Erkenntnisser weisen drop hin, datt Achtsamkeet a Meditatioun „Wellness fir de Kierper a Gehier“ sinn – e sougenannte Stresspuffer.

Während der **Konferenz** gi kuerz „achtsamkeetsbaséiert Stressreduktiounsübungen“ ageplangt, déi den interesséierte Leit e Virgeschmaach op de wëssenschaftlech erprouften 8-Woche Programm „Achtsamkeetsbaséiert Stressreduktioun“ (MBSR) vum Jon Kabat-Zinn offréieren.

Froe sinn ausdrécklech no der Konferenz erwünscht.

Dës Konferenz gëtt organiséiert an Zesummenaarbecht mat der Seniorekommissioun vu Schëffleng.

Wéini/wann/quand:

**Donneschdes/Donnerstag/jeudi
12.05.2022**

Auerzäit/Uhrzeit/Heure:

15.00-16.30

Participation:

gratis/gratuit

Inscriptions: 26540492 ou info@beimkiosk.lu



Appel aux dons



LU — Mir ënnerstëtzen d'Ukrain, eng solidaresch Aktioun

Fir der ukrainescher Bevëlkerung an dëse ganz schwierigen Zäiten ze hëllef ass all Spend wichteg. Och e klengen Montant ka Groussen bewierken. Dir kënnt en Don op de Kont BCEE LU87 0019 2055 7007 1000 vu „Schëffleng Hëlleft“ maachen mat der Mentioun „Schiffange aide l'Ukraine“. D'Gemeng Schëffleng, d'asbl „Schëffleng Hëlleft“, souwéi d'ukrainesch Vollek an Nout soen lech ganz häerzlech Merci fir Är Ënnerstëtzung.

FR — Nous soutenons l'Ukraine, une action de solidarité

L'association « Schëffleng Hëlleft » lance un appel à la générosité pour soutenir les centaines de milliers de personnes affectées par le conflit en Ukraine. Chaque don sera précieux, peu importe le montant. Faites un don par virement sur le compte BCEE LU87 0019 2055 7007 1000 de « Schëffleng Hëlleft » avec la mention « Schiffange aide l'Ukraine ». La Commune de Schiffange, l'asbl « Schëffleng Hëlleft » ainsi que la population en détresse de l'Ukraine vous remercient de tout coeur pour votre soutien.



EIS GEMENG LIEFT, ASS SCHÉIN A FAARWEG!

EISE CONCOURS "VILLE FLEURIE" GËTT NEES NEI OPLIEWE GELOOSS.



Bedéngt duerch di sanitär Kris war de leschte Concours am Joer 2017! Mee dat soll sech awer elo nees änneren an dofir maachen de "Syndicat d'Initiative et de Tourisme" an d'Gemeng Schëffleng den Opruff un ALL d'Schëfflenger Leit am Fréijoer a wärend de Summerméint hir Virgäertecher, Balconen a Fënsterbänke schéin ze "dekoréieren".

Och am Kader vun Esch2022 a speziell wärend de Méint Juli an August, wou Schëffleng am Mëttelpunkt vun der Kulturhauptstad steet, wëlle mer eis all zesumme vun eiser schéinster Sait weisen – dofir ...

MAACHT ALL MAT – LOOSST EIS GEMENG LIEWEN!

ET WÉNKE SCHÉI PRÄISSER!

Op Initiativ vun eisem „Syndicat d'Initiative et de Tourisme“ an dem „Coin de Terre et du Foyer“ huet d'Gemeng Schëffleng mat hinnen zesummen all 3 Joer de flotte Concours „VILLE FLEURIE“ organiséiert. Eng onofhängeg Jury ass an de Summerméint zwee Mol duerch ganz Schëffleng spadséiert an huet sech di verschidde Gäert, Virgäertecher, Balconen a Fënsterbänken ugekuckt a Punkte verdeelt. De Stot mat de meeschte Punkten huet logescherweis gewonnen an e flotte Präis kritt.

Mär profitéiere vun dëser Plaz fir de Responsabele vu „Coin de Terre et du Foyer“ e grouse MERCI ze soen, fir déi vill Joeren an deene si dëse Concours mat organiséiert hunn. Aus organisatoresche Grënn kënnen si leider net méi dobäi sinn.

~*~

UMELDEFORMULAR BIS SPÉISTENS DEN 01.06.2022 OP SCC@SCHIFFLANGE.LU SCHÉCKEN.

Ech/mär maache gäre beim Concours „Ville Fleurie“ 2022 mat

Numm a Virnumm:

Adress:

Telefon: E-Mail:

Kategorie:

(w.e.g. déi betreffend Kategorie ukräizen – et kënnen och zwou oder dräi Kategorie sinn)

Balkon Fensterbänk Virgäertchen

Ech sinn averstanen, dass Fotoe kënnen gemaach ginn an op der Präisverdeelung gewise ginn

.....
Ënnerschrëft

COMMANDE DE BOIS DE CHAUFFAGE POUR L'ANNÉE 2022

Strictement réservé aux habitants de la Commune de Schiffflange !

L'administration de la nature et des forêts, représentée par M. Sannipoli Daniel, préposé forestier du tirage de Kayl, en collaboration avec l'Administration communale de Schiffflange vend du bois de chauffage au prix de 48.- €/stère.

CES PRIX SONT MAJORÉS COMME SUIT :

- Livraison à domicile (dans la commune uniquement) : 20 €/course
- Découpe à 50 cm : 12.- €/stère
- Découpe à 33 cm : 14.- €/stère
- Découpe à 25 cm : 16.- €/stère

Tous nos prix s'entendent TTC (pour le bois 8 % TVA, pour livraison et découpe 17 % TVA). Le bois provient de la forêt communale de Schiffflange et est issu d'une gestion forestière durable. Il s'agit de bois frais qui devra être stocké pendant une année minimum avant l'utilisation. L'achat de bois de chauffage est limité à 4 stères par logement.

**Pour la commande, prière d'utiliser le bon ci-dessous et de le renvoyer jusqu'au 01.09.2022 à :
Administration communale de Schiffflange, B.P. 11, L-3801 Schiffflange.**

Je soussigné(e)
demeurant au n° , rue à L- Schiffflange
Tél.: GSM:
souhaite commander stère(s) de bois.

Livraison

Découpe: 50cm 33cm 25cm

(La découpe 100 cm ne peut être offerte en 2022 en raison du bois disponible!)

Paiement par domiciliation: Oui Non

Schiffflange, le

(Signature du demandeur)

Les données récoltées dans ce formulaire sont nécessaires aux traitements de vos dossiers par les services de l'Administration communale, et le cas échéant par ses sous-traitants. Elles sont traitées de manière loyale et transparente conformément au règlement général sur la protection des données (RGPD), et conservées la durée nécessaire à ce traitement ainsi qu'aux délais d'archivage légaux applicables. En cas de questions au sujet du traitement des données personnelles, vous pouvez contacter le délégué à la protection des données à l'adresse dpo@schiffflange.lu

youth

NEW

NEI RUBRIK JUGEND

INFO: Vun 2022 un wäert et de "Youthmag", eng Spezialeditioun, déi mir säit 2019 an all Newsmag fir di Jonk am Rausrapp-Format ugebueden haten, net méi ginn. Se gëtt elo ersat duerch eng permanent Rubrik „Jugend“ hei am Newsmag. Dëst ass eng méi nohalteg Solutioun.

LU_ Interregionale Projet „El Camino“

D'Schëfflenger Jugendhaus organiséiert zesumme mat

- dem Spéléo Club d'Ottange
- an dem Club d'Escalade Evasion de Thionville dësen europäesche Projet.

Zil ass d'Zesummeliewen an der Groussregioun ze verbesseren, ze stäerken an auszeschaffen. De Projet fënnt virun allem op dem Klammsite Audun-le-Tiche statt. Dat erméiglecht de bestoenden internationalen Austausch ze notzen an am Grenzgebitt kulturell, kreativ a sportlech Aktivitéite fir d'Ëffentlechkeet unzebidden an z'entdecken.

Inhalter vum Projet sinn zum Beispill e Skulptur Workshop, MTB Workshop, Klammworkshop an d'Produktioun vun engem Film. All déi ënnerschiddlech Aktivitéite si gratis a sollen d'Synergien tëschent de Grenzbewunner weiderentwéckelen.

De Projet geet vu **Mäerz bis Oktober 2022** an ee vun den Haaptevenementer ass d'**interregional Kloterfest de 25. a 26. Juni 2022 zu Audun-le-Tiche**. Do gi vill flott Aktivitéite ronderëm de Klotersite ugebueden, fir Musek, lessen a Gedréngs ass natierlech och gesuert de Weekend.

Wann s de Intressi hues un dësem flotten europäesche Projet matzewierken, da mell dech gäre bei engem vun de Partner, ënnerstëtzt eis a komm eis besichen um Kloterfest am Juni.



ZUKUNFTSDIPLOM

**Am Kader vum Zukunftsdiplo
fannen an der Nächst 2 flott Projete
statt.**

1. Projet GoldenMe

D'GoldenMe asbl organiséiert an Zesummenaarbecht mat der Gemeng Schëffleng, dem Jugendhaus an der Seniorekommissioun dëse Projet. Zil vun der Organisatioun ass et, der sozialer Isolatioun duerch digital Weiterbildung entgéint ze wierken.

D'Seniore sollen ënnerstëtzt ginn am Ëmgang mat den digitale Medien, wéi Handyen, Laptops etc. Duerch eng gezielt Weiterbildung vun den eelere Leit am Ëmgang mat hire Geräter kréie si d'Méiglechkeet weider am Kontakt ze bleiwe mat der Famill a manner isoléiert ze sinn.

Alles gétt ëmmer méi digitaliséiert – wat fir eis eeler Generatioun Schwie-
regeete mat sech bréngt.

Den 2. an 9. Abrëll fënnt e Workshop am Jugendhaus statt fir déi Jugend-
lech, wou d'Medien allgemeng a spezi-
fesch thematiséiert ginn.

